N° 8336
Entrée le 21.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.09.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 21. September 2023

Här President

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden.

Mam neie Bezuelsystem *Peppol* soll op de Gemengen den administrativen Opwand verréngert, a soumat insgesamt d´Aarbecht vun dem Gemengepersonal vereinfacht ginn. D´Fournisseuren brauchen dann och keng Rechnunge méi a Pabeierforme eran ze schécken. Et ass awer esou, dass all déi Rechnungen mussen op de Gemenge rausgedréckt ginn, fir hannert de Mandat de Paiement ze heften, an dat obwuel se am *Gescom* all digital hannerluecht sinn. Dëst ass, laut mengen Informatiounen, eng Demande vum Contrôle financier vum Inneminister a bedeit e grousse Pabeierverbrauch a vill administrativen Opwand.

An dësem Zesummenhang géif ech der Madamm Ministesch gären eng Rei Froe stëllen:

- Kann d´Madamm Ministesch meng Informatioune confirméieren?

- Wa jo – firwat mussen all dës Rechnungen op de Gemengen erausgedréckt ginn?

- Wa jo – kéint een hei net op d´Rausdrécken verzichten, dat am Sënn vum Naturschutz an engem verréngerten administrativen Opwand?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Jean-Paul Schaaf
Deputéierten

N°8336
Entrée le 23.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°8336 vum honorabelen Deputéierte Jean-Paul Schaaf zum Sujet «Système de facturation électronique Peppol»**

D'Fro vun der Presentatioun vun de Pièces comptables stellt sech allerdéngs net just um Niveau vum Contrôle, mee och bei de Schäfferéit.

Fir d'Schäfferéit ass et onëmgänglech, dass si beim Ënnerschreiwe vun de Mandats de paiement an den Titres de recettes Accès op d'Rechnungen an aner Pièces justificatives hunn. Si selwer mussen zu deem Moment novollzéie kënnen, wat fir Ausgabe si mat hirer Ënnerschrëft veruerdnen a wat fir eng Recettë si andreiwe loossen.

Wat dono de Contrôle vun de Gemengekonten ugeet, do ass et wesentlech, dass déi digital Presentatioun vun de Pièces comptables de Contrôle op d'mannst genee esou gutt erméiglecht, wéi dat aktuell bei der Pabeierdokumentatioun de Fall ass. Dofir muss et méiglech sinn, fir all Budgetsartikel d'Mandats de paiement an déi entspriechend Rechnungen an aner Pièces justificatives fortlafend op engem Bildschierm ze gesinn. Dat gëllt selbstverständlech och fir d'Titres de recettes vun de Gemengen.

De System Peppol kann awer just richteg funktionéieren, wann déi informatesch Systemer am Gemengesecteur esou konfiguréiert sinn, dass d'Consultatioun vu sämtleche Rechnungen an alle Pièces justificatives méiglech ass, souwuel beim Ënnerschreiwe vun de Mandats de paiement an den Titres de recettes, wéi och beim Contrôle vun der Comptabilitéit duerch d'Agente vum Inneministère.

E weidere Bausteen an deem Sënn ass déi gesetzlech Aféierung vun der elektronescher Ënnerschrëft, déi am Ablack nach um Instanzewee ass.

Lëtzebuerg, de 23.10.2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding